ACEL - DE STUDENTEVERTRIEDER

ZOOM.

D'STUDENTENZEITUNG

IWWERBLECK

30 Joer Foire de l'Etudiant

02 — Den 9. an 10 November 2016 ass et sou wäit, de Cedies...

35 Joer LSK

06 — Im Jahre 1981 wurde der LSK von 6 Luxemburger Studenten gegründet. Die Abkürzung steht für...“

REEL 2016 zu Kaiserslautern

07 — D'REEL, also d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois, huet dëst Joer vum 06-09. Oktober...

Déi nei Guiden sin do!

09 — Du bass op 1ère oder 13e, an hues dir dës Froe scho gestallt? Da blieder emol duerch de „Guide du ...

E neie Cercle gouf gegrënnt!

11 — Den LSNL gehéiert zu de jéngste Studentencerclë vun der ACEL...

Nobesserunge vun der AideFi

13 — Nodeems d'Gesetz fir d'Aide financière de l'Etat pour études supérieures den 24. Juli 2014...

Réunion Européene des Etudiants Luxembourgeois

EDITORIAL

Léif Lieserinnen, Léif Lieser,

Ech freeë mech häerzlech, Iech de Zoom 2016 virzestellen, deen d'ACEL – De Studentevertrieder, all Joers fir d'Foire de l'Etudiant eraus bréngt.
An engem frëschen neie Look informéiere mir Iech am Zoom iwwer aktuell Themen aus de Studentekreesser. Nieft Projete wéi d'Gesetzlech verankert Studentevertriedung, ginn am Zoom och eis nei Cerclë virgestallt, esou wéi och e Réckbléck op déi verschidden Aktivitéite, wéi z.Bsp. d'REEL.

Natierlech gratuléiere mir och eise Cerclen, déi e ronne Gebuertsdag gefeiert hunn.
Op dëser Plaz soe mir all de Cerclen a Partner Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Mir wënschen Iech vill Spaass beim Liesen a vill Gléck beim Rätsel léisen.

Pol Lutgen
Vizepresident
Informatioun a Publikatioun

B.P. 63 L-7201 BERELDANGE • CONTACT@ACEL.LU • WWW.ACEL.LU

WAT ASS D'ACEL?

D'Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois (ACEL) vertrëtt haut iwwer 40 Studentencerclen, déi duerch ganz Europa verdeelt sinn.

Dëst mécht d'ACEL zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg. D'Cerclë bilden haut déi aktiv Membere vun der ACEL a sinn op 8 Länner verdeelt. Dës Vereenegungen empfänken a vereenen d'Lëtzebuerger Studente während hirer Studienzäit an de jeeweilege Stied am Ausland an zu Lëtzebuerg. Dernieft ginn et nach 7 fachspezifesch Cerclen.
Säit senger Grënnung huet sech den Daachverband vun de Studentencerclen dräi Haaptaufgabe gesat:

Zesummebréngen
D'ACEL organiséiert verschidden Evenementer fir d'Studenten zesummen zebréngen an den Echange zwëschen de Studenten ze fuerderen. Dat gréissten Event am Joer ass ouni Zweiwel de Studentebal, deen all Joer am Summer organiséiert gëtt.

Donieft trieden beim Tournoi de Noël Equippen aus de verschiddenen Unistied am Volleyball, Fussball a Basket während zwee Deeg géinteneen un.
Zanter méi wéi 30 Joer fënnt d'REEL a verschiddene Studentestied an Europa statt, a gëtt all Joer vun engem aneren Cercle organiséiert.

Mat enger Mëschung aus politeschen Diskussiounen, kulturelle Visitë, Kontakt mat Partner an natierlech flott Owender ënnert Kollegen.

Informéieren
D'ACEL brëngt net nëmmen hir Studenten zesummen, mä informéiert se och. Dëst mécht se mat Hëllef vun hirem "Guide du Futur Diplômé", dee geduecht ass, dem jonken Diploméierten eng Starthëllef fir an d'Aarbechtswelt ze sinn.

Doriwwer eraus huet d'ACEL sech och als Zil gesat, déi zukünfteg Studenten ze informéieren, an zwar mat hirem "Guide du Futur Etudiant", deen et säit 1987 gëtt an deen all Joer am September nei eraus kennt.

Dëse Guide liwwert Informatiounen iwwert déi verschidden Unien, Aschreiwungsfristen, Aschreiwungskonditiounen, etc., an natierlech och wat d'Liewen an de Stied selwer betrëfft. Niewent dësen zwou Publikatioune geet d'ACEL och regelméisseg an déi verschidde Lycéeën, fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren.

Representéieren
Net manner wichteg wéi d´Informatiounscampagne vun der ACEL ass d'Vertriedung vun de Studente vis-à-vis vun den Autoritéiten an d'Verdeedegung vun hire Rechter.

An dësem Kontext steet d´ACEL a regelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dee fir Héichschoulbildung a Fuerschung.

D'ACEL beméit sech d'ganz Joer iwwer ëm konstruktiv Gespréicher mam Ministère fir aktuell Themen ze diskutéieren, déi de Student betrëfft.

Esou hu mir zum Beispill eng Erhéijung vun der Aide Financière erreecht, déi 2016 a Kraaft trëtt.

ACEL Comité

30 JOER FOIRE

Den 9. an 10. November 2016 ass et sou wäit, de Cedies ass houfreg déi 30. Editioun vu senger Studentefoire anzelauden a bléckt an deem Kontext op eng interessant a laang Traditioun zeréck.
1987 huet alles ugefaange, wéi den deemolege „CPOS - Centre de Psychologie et d'Orientation scolaires" dës Initiativ an d'Liewen geruff huet.

Déi 1. Foire war och schonns an den Ausstellungshalen um Kierchbierg mat deemools 50 Stänn a 500 Visiteuren.

Zil vun der Foire war ëmmer de Studenten eng Rei vun Héichschoulen an awer och Betriber a Verwaltunge virzestellen. 1999 huet dunn den nei gegrënnte CEDIES d'Foire weidergefouert, mat villen Neierungen.

D'Foire stoung säitdeem meeschtens ënnert engem Thema zu verschiddenen interessante Beruffswelten.

Zu deene spezifeschen Themen huet de Cedies extra Evenementer ugesat an och Konferenze mat professionelle Leit aus deene jeeweilegen Themeberäicher organiséiert, sou zum Beispill zum Thema Konscht ee Moudendefilé an och eng Billerausstellung, eng aner Kéier een Atelier „Gesond kachen als Student".

De Volet „Orientatioun" ass ëmmer erëm verbessert ginn a säit 2008 fënnt een op der Foire ee grousse Stand vun der „Maison de l'Orientation", wou een op der Plaz een Orientéierungstest maache kann.

D'Foire gouf ëmmer méi grouss mat ëmmer méi Aussteller an ëmmer méi Visiteuren.
D'lescht Joer sinn iwwer 9200 Visiteuren gezielt ginn an mir hoffen, dëst Joer dës Zuel nach ze iwwertreffen.

Säit den 90er Joren hu mir och zwou Halen an Aussteller aus 15 verschiddene Länner. Sou ass d'Lëtzebuerger Studentefoire déi gréisst Manifestatioun iwwert Studieninformatioun an der Groussregioun ginn.

De Student fënnt do mat Sécherheet déi Informatiounen, déi hie brauch fir d'Wiel vun engem Beruff oder enger Studierichtung ze treffen.

D'Studentefoire bleift ee wichtege Rendez-vous fir all Student. Si ass net méi vum Orientéierungsprozess vun eise Jonken ewech ze denken a wäert och nach an Zukunft seng Wichtegkeet behalen.

Ad multos annos!

CEDIES

ACEL
de Studentevertrieder

WWW.ACEL.LU

Nëtzlech Informatiounen zum Studium an alles rondrëm Studenteliewen zu Lëtzebuerg a rondrëm d'Welt.

Guide du futur Étudiant

Informatiounen zu iwwer 40 Studentestied, Unien, Studium, an nach villes méi, fir däi Start an d'Studenteliewen ze vereinfachen.Och d'Kontaktdatevun de Lëtzebuerger Studentecercles inn heize fannen.

Guide du futur Diplômé

Wéi fannen ech eng Aarbecht? Wéi leeft ee Virstellungsgespréicher of? A nach vill weider Informatioune fënns du an dësem Guide, déi dir däi Sprong an d'Beruffsliewen erliichteren. Eis Guidë kriss du bei der Spuerkeess.

ACEL.LU | CONTACT@ACEL.LU | TEL. 691 420 538

JONK BAD

JONK
BAD

D'Jonk BAD gouf de 4. Juli 2015 gegrënnt. Eise Studentecercle soll lëtzebuergesch Studenten an de Beräicher Bibliothéikswëssenschaften, Archivistik an Dokumentatioun matenee verbannen.

Zil ass et eng Community opzebauen, déi sech regelméisseg gesäit a mateneen a Kontakt bleift. Dofir organiséiere mir eis sou genannte „B.A.D.-Treffen": mir gi Bibliothéiken/Archiven/Dokumentatiounzentre kucken, besichen Universitéiten, ginn op Liesungen, Concerten oder Conventions, organiséiere Picknicken a kleng Trips.

De Cercle riicht sech awer och un zukünfteg Studenten an interesséiert Persounen un dëse Studien a Beruffer. Mir wëllen hinnen déi néideg Informatiounen iwwer déi verschidden Universitéiten an de spéideren Aarbechtsmarché ginn, a maache si dobäi och regelméisseg op Jobannoncen a Stageofferen opmierksam.

Mat eisem Stand op der Studentefoire an op Informatiounsdeeg an de Lycéeën, wëlle mir nei Leit fir eis Beruffer begeeschteren. D'Jonk BAD hëlleft Kontakt mat Leit, déi schonn an der Beruffswelt stinn, ze knäppen an den „Newbies" bei den éischte Schrëtt an d'Aarbechtswelt.
Mir wëllen och géint d'Klischeeë wéi dee vum verklemmten a verstëbste Bibliothekär oder Archivist, deen de ganzen Dag nëmme liest a „Pscht" seet, kämpfen. Ville Leit schéngen eis Beruffer nach ëmmer suspekt respektiv si hu keng genau Virstellungen, wat alles hannert den Diere vun enger Bibliothéik, engem Archiv oder Dokumentatiouns-Zentrum geschitt.
Eis Beruffer hu sech an de leschte Jore staark geännert an et kommen dauernd nei Erausfuerderungen dobäi. Eis Beruffsbezeechnunge ginn dofir och ëmmer méi „sophistiquéiert": vum Embedded librarian, Information Analyst, Information Professional, iwwert den Knowledge oder Records Manager, bis hin zum Database Producer.

Och eis Aarbechtsplaze gi méi villfälteg. Bibliothéike sinn hautdesdaags wäit méi wéi „just" Bicher. A sou ginn et beispillsweis och spezialiséiert Institutioune wéi z.B. Zentere fir Gaming- a Computerspiller, Museksarchiver, Prisongsbibliothéiken, Spezialbibliothéike fir Fantasy-Literatur, etc.

Den Interessi un der Informatik an d'Aarbecht um PC ass essentiell, well praktesch all eis Servicer an Déngschtleeschtungen op Informatiounstechnologië baséieren. Eist Beruffsfeld muss sech permanent den aktuellen Entwécklungen an der Bildungs- a Kulturpolitik upassen.
Hei ass e klengen Ableck an eis dräi Haaptberuffskategorien:

Bibliothéikswëssenschaften
Bibliothekären hëllefen dem Notzer sech an der Onmass vun Informatiounen erëm ze fannen, egal ob bei Print- oder bei digitale Medien. De Beräich vun den digitale Medie wéi eBooks, eJournals, Tounträger, Filmer, asw. gëtt ëmmer méi grouss an och ë mer méi komplizéiert (virun allem a punkto Auteursrechter).

D'Sammlunge vu publizéierte Medie ginn inhaltlech a formal erschloss a mat Hëllef vun engem Bibliothéikskatalog zougänglech gemaach.
Am Bibliothéikswiesen ënnerscheet een tëschent dräi verschiddene Bibliothéikstypen:
-ëffentlech Bibliothéiken si fir jidderee fräi zougänglech (z.B. d'Escher Bibliothéik);
-wëssenschaftlech Bibliothéiken (z.B. d'Nationalbibliothéik, d'Unibibliothéiken);
-Spezialbibliothéiken (z.B. de Centre national de littérature spézialiséiert op lëtzebuergesch Literatur).
D'Lies- an d'Informatiounskompetenzvermëttlung (korrekten Ëmgang mat Informatiounen) gehéieren och zu de Schwéierpunkte vun der Bibliothéiksaarbecht.

Archivistik
Den Archivist leet den Informatiounswäert vu Verwaltungsakten, Noläss, Filmer, Biller, Kaarten, etc.) fest.

Bei der Archivaarbecht geet et haaptsächlech ëm d'Preservatioun an d'Konservéierung vun de verschiddenen Dokumenter mam Zil, se fir zukünfteg Generatiounen z'erhalen, zougänglech a recherchéierbar ze maachen.
Archivmaterial besteet dacks aus Unikater, e Verloscht ass dofir definitiv, well net se net méi z'ersetze sinn.

Eis Nationalarchiven sammelen all d'Dokumenter vu nationalem historeschem Interessi. Hir Aufgab ass, dat ëffentlecht Archivmaterial fir historesch an administrativ Zwecker ze uerdnen, z'erschléissen an z'erhalen. Donieft ginn et awer och eng ganz Partie aner Archiver, wéi beispillsweis Diozäsanarchiver, Gemengenarchiver, ASBL-Archiver a Privatarchiver.

Dokumentatioun
D'Dokumentaliste sinn zoustänneg fir eng séier, professionell an effizient Informatiounsversuergung.

Dozou gehéiert: d'Erschléisse vu Medien, Recherchen, Informatiounsmanagement an den Opbau vun Datebanken.

D'Dokumentaliste gi bei der Sammlung an dem Erschléisse méi déif wéi e Bibliothekär, well si sech meeschtens op bestëmmte Fächer oder Beräicher spezialiséieren (CID Fraen an Gender, CITIM). Et ginn trotzdeem vill Ähnlechkeeten an der Aarbecht vun engem Dokumentalist an engem Bibliothekär, deen an enger Spezialbibliothéik schafft. Vill Firmen an Institutiounen hu mëttlerweil hir eegen Dokumentatiounszentren (z.B. Affekoten- an Architektebüroen, Ministèren, Veräiner a Verbänn, etc.).

Mir hoffen, dass mir Iech mat dësem klengen Ableck konnte virwëlzeg op eis Beruffswelt maachen.

Fir weider Informatiounen an Aktuelles vun der Jonk BAD, gitt einfach op http://www.jonkbad.lu luussen oder schreift eis eng E-Mail op folgend Adress: info@jonkbad.lu.

Dir fannt eis och op Facebook ënner „Jonk BAD" https://www.facebook.com/JonkBAD/?fref=ts

Jonk BAD Comité

cleveryou
by kichechef

LE SPÉCIALISTE DU MOBILIER AUX MEILLEURS PRIX

CLEVER YOU : Prix net et à emporter. Sans livraison et montage

Ouvert du lundi au vendredi de 10h à 19h et le samedi de 9h à 18h
69, parc d'activités Mamer-Cap • L-8308 Capellen | Tél.: 26 30 30 1

kichechef.lu

1. Etagère STRADA en couleur blanc
L 45 x H 188 x P 35 cm
119.-

2. Table DOT en chêne et plaque grise
L 180 x H 75 x P 90 cm
498.-

3. Vitrine DOT, en chêne et en couleur vert sauge, avec 2 portes et 2 tiroirs
L 79 x H 178,5 x P 43 cm
918.-

Tous nos prix sont des prix à emporter, sans livraison, sans montage, sans décoration et jusqu'à épuisement de stock. Toutes les informations reprises sont fournies sous réserve de modifications techniques et d'éventuelles erreurs.

35 JOER LSK

Verein „Lëtzebuerger Stodenten zu Kaiserslautern" gegründet

„Über den Numerus clausus gibt es bei uns eine Menge falscher Vorstellungen; viele lassen sich dadurch ganz unnötigerweise von einem Studium in Deutschland abschrecken", meint jedenfalls Pál Koppes, frischgewählter Präsident des Vereins „Lëtzebuerger Stodenten zu Kaiserslautern". Es ist noch eine recht kleine Truppe — rund 20 an der Zahl —, die sich da im luxemburgischen Vereinsregister eintragen ließ, um in den heimischen Gefilden für ihren Studienort zu werben und sich in der Pfalz gegenseitig zu helfen, wenn irgendwelche Schwierigkeiten auftauchen. „Bei uns Luxemburgern ist es Tradition, daß wir uns an den ausländischen Hochschulen zu Vereinen zusammenschließen, so wie jetzt auch in Kaiserslautern", erläutert René Weber, der Vizepräsident des als gemeinnützig anerkannten Vereins.

Von der Nützlichkeit dieser Initiative dürfte nicht nur die rheinland-pfälzische Landtagsabgeordnete Gisela Büttner überzeugt sein, hatte sie doch kürzlich in Luxemburg den Eindruck gewonnen, die naturwissenschaftlich-technische Universität Kaiserslautern sei dort noch nicht genügend bekannt. Auch Prof. Dr. Dieter Maaß, der Präsident der pfälzischen Hochschule, kann sich kaum bessere Botschafter wünschen. Bei einem Empfang der Universitätsleitung äußen es die „Lëtzebuerger" jedenfalls an Lob nicht fehlen. Für Kaiserslautern als Studienort sprechen nach ihrer Ansicht eine ganze Reihe von Gründen. Zum einen lieben's die Luxemburger heimelig. Kaiserslautern ist nur knapp einen Autostun-

den entfernt, die Institute liegen eng auf einem Campus beieinander, vor allem ist es mit rund 4.500 Studenten keine Massenuniversität. Man verliert sich nicht aus den Augen; auch zu Professoren und Assistenten gibt es schnell Kontakt. Zum anderen wird hervorgehoben, daß die Universität Kaiserslautern erst gute zehn Jahre alt ist. „Das bedeutet, daß hier keine veralteten Gerüste zumstehen, die Studiengänge modern ausgerichtet sind und allen Fächer ausgerichtet sind

rufsaussichten angeboten werden." meinte Gérard Mosel, Schriftführer des L.S.K. Besonders wichtig sei, daß bis auf wenige Ausnahmen kein Numerus clausus bestehe; dies treffe besonders auf die ingenieurwissenschaftlichen Fächer zu, in denen die Luxemburger ausnahmslos immatrikuliert sind. Die rührigen Vereinsmitglieder wollen in ihrem Grossherzogtum unter anderem Tanzbälle organisieren, auf denen sie für „ihre Universi

Im Jahre 1981 wurde der LSK von 6 Luxemburger Studenten gegründet. Die Abkürzung steht für "Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern" und ist heute einer der größten Studentenvereinigungen die unter dem Dachverband ACEL existieren.
In den letzten 35 Jahren stieg die Anzahl derer die regelmäßig an den Aktivitäten des LSK teilnehmen bis auf 140 Mitglieder. Diese hohe Mitgliederzahl kommt einerseits nicht nur wegen des guten Standortes der technischen Universität bzw. der Hochschule, sondern auch wegen ihres hervorragenden Rufes. Durch die hohe Studienangebotsdichte, vor allem in den Fächern des Ingenieurswesens, ist Kaiserslautern als Studentenstadt sehr beliebt.

Die Traditionen die schon seit der Geburtsstunde des LSK gepflegt wurden sind bis heute nicht aus den Köpfen der Mitglieder zu streichen.
35 verschiedene Komitees haben den Verein und dessen Aktivitäten weitergebracht und verfeinert.

Typische Beispiele sind die Bistropiade und das Beachvolleyballturnier, welche schon seit Jahrzehnte ausgeübt wurden und hoffentlich noch viele Jahre praktiziert werden. Diese beiden Aktivitäten haben einen festen Bestandteil im Dasein des LSK's und den anderen Studentenvereinigungen, die Kaiserslautern schon einmal besucht haben.

Anfangs Juli trafen sich frühere als auch aktive Mitglieder des LSK und feierten die 35 Jahre Existenz der Studentenvereinigung. Beim Rundgang über die Uni sowie die Besichtigung verschiedener Hörsäle wurden viele Erinnerungen geweckt. Jung und Alt redeten über die Entwicklung des Campus und der verschiedenen Aktivitäten des Vereines.
Ein reger Austausch zwischen allen Beteiligten ließ die Zeit wie im Flug vergehen.

Nach einer Rede des Unipräsidenten am Nachmittag wurde abends auf dem „Betzeberg" köstlich diniert.
Abschließend wurde bis spät in die Nacht hinein gefeiert und so manche junge Mitglieder des LSK waren erstaunt über die Feierfreude der älteren Semester.
Der LSK ist auf dem besten Weg seinen Ruf, welchen er sich in den letzten Jahren schwer erarbeitet hat aufrecht zu erhalten, wenn nicht sogar noch zu verbessern.

Das momentane Komitee freut sich auf weiter Jahre im LSK und hofft jeden bei der 50ten Jahresfeier wiederzusehen.

LSK Comité

20 JOER MÜNCHNER BAL

Ouschtersonndeg 1996 war et esou wäit: Den éischte Münchner Bal huet am Atelier statt fonnt! Mëttlerweil ass et ee vun deene gréisste Studentebaler zu Lëtzebuerg, mee deemools war dat Ganzt nach éischter improviséiert. Den LSM war e klenge Cercle, deen et offiziell nach guer net gouf, eréischt 2001 ass den LSM eng ASBL ginn.

De Bal war direkt nom Concert vun der däitscher Rockband H-Blockx. Nodeems d'Museker hiert lescht Lidd gespillt haten, sinn d'Leit virun d'Dir gaangen, hunn erëm Entrée bezuelt, an um Münchner Bal weider gefeiert.

D'Pionéier vum Bal ware vum grousse Succès iwwerrascht a schnell stoung fest, dass et net dee leschte Münchner Bal gewiescht sollt sinn.

E puer Joer méi spéit ass de Bal dunn an de Melusina a Clausen geplënnert. Nieft de méi oder manner fräizügege Plakater, war d'Markenzeeche vum Bal natierlech och deemools schonns, dass d'Leit am Dirndl a Lederhose komm sinn.

Eréischt 2010 ass et fir d'éischte Kéier Münchner Augustiner Béier um Bal ginn.
Bis 2015 och nëmmen op engem Comptoir. Mëttlerweil gëtt et 3 LSM-Comptoiren, eng Foto Lounge an e bayresche Raum, wou de ganzen Owend just Oktoberfest-Musek leeft!

Och wann d'Oktoberfest eréischt zanter engem Mount eriwwer ass, fir Wiesnstëmmung ze erliewen, braucht der just nach bis de 16. Abrëll 2017 ze waarden, wann et heescht: 21 Joer Münchner Bal!

LSM Comité

REEL 2016 ZU KAISERSLAUTERN

D'REEL, also d'Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois, huet dët Joer vum 6. bis 9. Oktober zu Kaiserslautern stattfonnt. Dëst Joer war d'Thema „D'Aussiichte vum Akademiker nom Studium".
D'Ziler vun der REEL sinn d'Vernetzung tëschent de Studenten, awer och tëschent de Partner an de Studenten oder de Partner ënnerteneen.

Doduerch gëtt d'Zesummenaarbecht an d'Kommunikatioun am Studenteliewe wéi och an der Aarbechtswelt vereinfacht, well een sech schonn am Viraus kennt, zemools an esou engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, mee och international. Weiderhi sinn aktuell Problemer vun de Studenten diskutéiert a Léisunge proposéiert ginn. Dës Resultater konnten da mat de Politiker diskutéiert ginn. Ausserdeem hunn och Vertrieder aus der Wirtschaft sech um Debat bedeelegt, well et eben dëst Joer primär ëm d'Problemer am Iwwergang an d'Aarbechtsliewe

gaangen ass. Virun allem den Här Schneider hat de ganze Samschdeg en oppent Ouer fir d'Studenteproblemer a konnt och a verschiddene Punkte scho lancéiert Problemléisunge virstellen. Och eis Partner sinn op der REEL 2016 net ze kuerz komm a waren immens zefridde mam Oflaf vum Partnerdag. D'REELanerinnen a REELaner waren och déck zefridden an hunn sech déi 4 Deeg gutt ameséiert, just de Schlof war wéi ëmmer ze kuerz komm. Et ass awer och festgestallt ginn, dass aktuell eng Generatioun Studenten eruwiisst, déi net méi all ze vill Verantwortung wëll a kann iwwerhuelen. Dës Entwécklung geet leider an eng falsch Richtung, dofir sollt deem esou séier wéi méiglech entgéint gewierkt ginn.

Donneschdes moies ass et lassgaange mam Transport op Kaiserslautern.
Obwuel verschidde Leit schonn hu misse matten an der Nuecht opstoen, war d'Stëmmung gutt. D'Workshopen haten d'Themen: Informatiounsaustausch zwëschent de Cerclen, der ACEL an de Studenten; D'Zukunft vun de Studenten nom Studium; Projet «Cercles Guide». Hei ass schonn direkt moies konstruktiv geschafft ginn an d'Erkenntnisser fir dës Sujete sinn notéiert ginn.

Nom Mëttegiessen an dem Check-In am Hotel gouf sech da verkleet an et ass op de Rallye duerch ganz Kaiserslautern gaangen. Dëse Rallye sollt de Studenten eppes vun der Stad weisen an och déi kognitiv Fähegkeeten iwwer verschidden Aufgaben a Froen ënner Beweis stellen. Nom Rallye hu mir direkt bei der leschter Statioun zu Nuecht giess, woubäi d'Leit frou waren, sech nom ustrengende Rallye iwwer 10 km emol erëm e bëssen opzewiermen. D'Verkleedung war wichteg, well mir nom Iessen direkt zu Fouss an de Pflaumenbaum gaange sinn, fir do eng „Bad Taste Party" ofzehalen an den Owend auskléngen ze loossen. Déi meescht REELanerinnen a REELaner hunn et awer net bis zum Schluss gepackt, well den Dag immens ustrengend war a jo och nach dräi weider Deeg virun der Dier stoungen.

De Freideg ass mat verschiddene Visitte gestart ginn. Um Programm stoungen General Dynamics (Rüstungindustrie), Kirner (Privatbrauerei), Dynamikum (interaktive Science Center), Gebrüder Pfeiffer (en Hiersteller vu groussteschnesche Millen, z.B. Kuelemillen), de Fritz-Walter Stadion an d'Institut fir Immunologie a Genetik inklusiv de Kasematte vu Kaiserslautern. Dës Visitte ware ganz interessant awer och usprochsvoll, well och hei nees de Kapp huet missen ugestrengt

ginn, fir no wéineg Schlof déi komplex Zesummenhäng ze verstoen. Duerno ass am Bremerhof zu Mëtteg giess ginn. Dësen Haff läit ca. 1 km ausserhalb vu Kaiserslautern an trotzdem fillt een sech wéi wann ee matten am Pfälzerwald géing sëtzen.

De Freidegnomëtteg an –owend huet eise Partner gehéiert. Ugefaangen hu mir mat Presentatioune vun eise gréisste Partner am Fraunhofer Institut zu Kaiserslautern. Woubäi d'Lëtzebuerger Wort och dëst Joer erëm den Exklusivpartner war.
Duerno ass am BIC (Business & Innovation Center) eng Firmenkontaktmesse ofgehale ginn. Dës Foire ass vun engem Flying Dinner begleet ginn, soudass iwwert e puer Stonnen den direkten Dialog méiglech war. Vun dëser Opportunitéit ass och a vollen Zich profitéiert ginn. Well d'Fuerschung an d'Start-ups och eng Méiglechkeet fir de Student no sengem Studium sinn, hunn dës zwou Lokalitéiten authentesch bei d'Thema gepasst. Weiderhin ass et ganz interessant, dass d'Fuerschungs- a Start-up Zeenen sech déi lescht Joren zu Kaiserslautern ganz ähnlech wéi zu Lëtzebuerg entwéckelt hunn, wat och mat der intensiver iwwerregionaler Zesummenaarbecht ze dinn huet. De Freidegowend ass traditionell mat der gutt besichter Soirée publique an der Markthalle ofgeschloss ginn.

No enger weiderer kuerzer Nuecht ass Samschdesmoies de Kostüm aus der Valisse geholl an d'Krawatt gestréckt ginn. Duerno konnten de President vun der technescher Universitéit Kaiserslautern, den Här Prof. Dr. Schmidt an den Här Etienne Schneider, Wirtschaftsminister a Vize-Premier vu Lëtzebuerg, déi aktuell Situatiounen an hirem spezifeschen Domaine duerstellen. Den Här Schneider huet ënnert anerem den Appell gemaach, dass Lëtzebuerg weltwäit ëmmer eng wichteg Roll gespillt huet a wa mir dat wëlle bäibehalen, soll een sech net direkt vun den héije Paien an den ëffentlechen Déngscht zéie loossen,

well vun do kommen d'Innovatiounen net. Weiderhi schafft ee wuel scho méi laang um komplexe Problem dës grouss Differenz ze reduzéieren, mee dat ass net ganz einfach wa 50% vun de Lëtzebuerger am ëffentlechen Déngscht schaffen an d'Frontaliere kee Wahlrecht hunn. Den Här Schneider huet mat dem Sujet villen Zukunftsdenker ënnert de Studenten a Vertrieder aus der Wirtschaft aus der Séil geschwat. No dësem och deelweis interaktiven Debat ass dunn am Seehotel Geltershoog bei enger schéiner Vue zu Mëtteg giess ginn.

Am Nomëtteg gouf op der TR diskutéiert. Invitéé waren den Här Jean-Jacques Rommes vun der Union des Entreprises Luxembourgeoises, den Här Marc Hansen als Héichschoulminister, den Här Carlo Frising vun der Chambre des Salariés, den Här Laurent Cattarinussi als President vun der ACEL, den Här Michel Kmiotec vum Start-up Drink and Drive an de François Aulner als Moderator. Och hei gouf fläisseg iwwert d'Thema vun der REEL diskutéiert, mee de Plenum war den drëtten Nomëtteg e bësse méi roueg an deen een oder aneren huet en Tëmpsche gehalen.

De Samschdeg ass bei engem Gala-Dinner am Kongresszentrum Frankenthal zesumme mam Här Schneider ofgeschloss ginn.
De Sonndeg ass méi gemittlech ugaangen an et konnt sech bei engem Brunch zu Pirmasens gestäerkt ginn. Duerno stoungen e Wäintour an der Pfalz oder alternativ de Besuch an enger Schwämm zur Auswiel, woubäi an der Schwämm traditionell muss ënnersicht ginn, wéi vill Leit mateneen an ee Whirlpool passen. Dësen Dag sinn d'REELanerinnen a REELaner queesch duerch de Pfälzerwald gefouert ginn a konnte vun der enger oder anere schéiner Plaz Fotoe maachen. Fir Sonndesowes nach als Ofschloss de Punkt op de REELsprogramm ze setzen, ass d'Ofschlossiessen am Panoramasall am Stadion um Betzebierg ofgehale ginn. Aus dësem Sall huet een eng vun de beschte Vuen op déi schéi beliichte Stad Kaiserslautern. Dobäi huet en Apero op der Tribün vum eidelen 1. FCK Stadion natierlech och net dierfe feelen. Op dësem Owend gouf och profitéiert fir d'Gewënner vum Rallye, d'Misses an de Mister REEL 2016 zu KL an de ganze REELscomité 2016 ze éieren. Kuerz viru Mëtternuecht sinn dann nach e puer Kaddoe verdeelt ginn, éier d'Busser sech nees op de Wee Richtung Lëtzebuerg gemaach hunn.

Gilles Etringer, Dennis Hövelmann, REEL Comité

ENTDECK DENG ZUKUNFT SIEF STUDENT FIR 1 DAG!

Du wollts schonn ëmmer wëssen, wéi et op der Uni ass? Wéi et ass Student ze sinn? Ass ee Studium am Ausland iwwerhaapt eppes fir dech? A wat muss du iwwerhaapt alles maachen, fir dech fir ee Studium unzemellen? Déi a vill aner Froe kriss du beäntwert wann s de um «Student fir 1 Dag» deelhëls.
De «Student fir 1 Dag» ass ee Projet, organiséiert vun der ACEL zesumme mat de Lëtzebuerger Studentecerclen. All Joer während der Ouschtervakanz, kriss du als Schüler d'Méiglechkeet, dir eng ganz Rei Studentestied ukucken ze goen. Fir een Dag kanns du sou erliewen, wat et heescht Student ze sinn. Moies geet et lass mam Bus an d'Studentestad wous du vun de Lëtzebuerger Studente sur place empfaange gëss. Hir Aufgab ass et, dir all wichteg Informatiounen zu den Unien an Héichschoule wéi och zu den ënnerschiddleche Studiegäng ze ginn.

Natierlech sinn do och eng Rei Tipps an Tricks derbäi, wéi een am beschten eng Wunneng fënnt, wou een am beschte feiere geet a wéi eng Proffen een am beschten ze vermeiden huet. Dernieft stellt de Lëtzebuerger Studentencercle sech vir. Déi ënnerschiddlech Cerclen organiséieren iwwert d'Joer verdeelt vill flott Soiréeën an Aktivitéiten an de Studentestied wéi och zu Lëtzebuerg. Déi solls du als zukünftege Student natierlech net verpassen.
Fir sech wierklech als Student kënnen ze fillen, weist dir de Lëtzebuerger Cercle sur place natierlech och d'Uni. An dozou gehéiert och ee Bléck an déi verschidden Unissäll. Wann's de Chance hues, däerfs de dech och an eng Virliesung setzen an direkt materliewen, wéi et sech ufillt, op der Uni ze studéieren. Allgemeng bekannt ass, datt d'Liewen als Student net nëmmen aus studéiere besteet. Dofir kriss du natierlech nomëttes och deng eventuell nei Heemechtsstad gewisen. D'Studente kennen déi beschte Plaze fir iessen oder een drénken ze goen, an natierlech fir owes ze feieren. Owes geet et dann erëm zeréck op Lëtzebuerg.
Fir weider Informatiounen zum Projet «Student fir 1 Dag» an Umeldungsdelaien, géi einfach op www.acel.lu oder schreif eis direkt eng Mail op contact@acel.lu.

ACEL Comité

LCGB

Du suchst eine Arbeitsstelle?
Der LCGB hilft Dir!

Tu recherches un emploi ?
Le LCGB t'accompagne !

Der LCGB bietet seinen Mitgliedern kostenlose Weiterbildungen zur beruflichen Entwicklung an

Le LCGB offre à ses membres des formations du développement professionnel gratuites

- Sich in 1,5 Minuten optimal und effizient vorstellen
- Einen Lebenslauf und ein Bewerbungsschreiben verfassen
- Internet: Suche & Methodik
  Mindestteilnehmerzahl sind 8 Personen pro Seminar

- Savoir se présenter de manière optimale et efficace en 1min30
- Rédiger son CV et sa lettre de motivation
- Internet: recherche & méthodologie
  Minimum 8 personnes par formation

WWW.LCGB.LU | BLOG.LCGB.LU
11 RUE DU COMMERCE, BP 1208 L-1012 LUXEMBOURG | TEL: 49 94 24-1 | INFO@LCGB.LU

GUIDE DU FUTUR ETUDIANT & GUIDE DU FUTUR DIPLOME 2016

Guide du Futur Etudiant

Wat kann ech wou studéieren? Wéi eng Universitéite ginn et? Wéi genau schreiwen ech mech do an? Wéi fannen ech eng Wunneng? A wat maachen déi verschidde Studentecerclen?

Du bass op 1ère oder 13e, an hues dir dës Froe scho gestallt? Da blieder emol duerch de „Guide du Futur Etudiant" vun der ACEL! Dës Broschür brénge mir säit 30 Joer fir all Schoulrentrée eraus. Fir dass du all Joer nei, aktuell, Informatiounen iwwer déi verschidden Unien an d'Stied kriss, maache mir dës Broschür an Zesummenaarbecht mat allen 36 Lëtzebuerger Studentecerclen, an de 7 fachspezifesche Cerclen aus ganz Europa. De «Guide du Futur Etudiant» informéiert dech iwwer d'Universitéitsliewen, déi touristesch Aspekter, mee och iwwer d'Studenteliewe vun den 43 vu Lëtzebuerger Studente meescht besichte Stied. All Cercle gëtt hei och e puer perséinlech Informatiounen iwwer d'Stad an d'Universitéiten di e representéiert. Du fënns awer och hir Kontaktinformatiounen, sou dass du dech fir méi spezifesch Froen, och selwer kanns un d'Studente vun där Stad wenden.

De Guide du Futur Etudiant ass gratis. Du fënns en zum Beispill um Stand vun der ACEL op der Foire de l'Etudiant, an all Spuekeessagence, beim CEDIES, bei der Uni.lu, beim CPOS, der BNL, der Maison de l'orientation (ADEM), dem PIJ Esch, CIJ an natierlech och beim Comité vun der ACEL an online als PDF (www.acel.lu). Fir weider Froe kanns du dech awer och per Email bei der ACEL (contact@acel.lu) oder dem respektive Cercle mellen.

Guide du Futur Diplômé

Du bass mat der Schoul fäerdeg oder hues däin Unisdiplom an der Täsch, a wëlls gäre schaffe goen ? D'ACEL bréngt all Joer de Guide du Futur Diplômé eraus mat allen Informatioune fir dir däi Start an d'Beruffsliewen ze vereinfachen. Hei fënns du déi néideg Informatiounen iwwer d'Opstelle vun dengem CV an enger Lettre de Motivation, esou wéi den Oflaf vun engem Virstellungsgespréich. Du kanns hei och noliesen, wéi's du dech kanns selbstständeg maachen. Och wann's du wëlls Chercheur ginn, fënns du an dësem Guide d'Demarchen déi een dofir maache muss an d'finanziell Ënnerstëtzung déi een dofir ufroe kann. Donieft fënns du nach vill praktesch Informatiounen iwwer d'Pensioun, de Wunnengsmaart, de Lëtzebuerger Sozialsystem an eisen Aarbechtsmaart. De Guide du Futur Etudiant ass gratis. Du fënns en zum Beispill um Stand vun der ACEL op der Foire de l'Etudiant, an all Spuerkeessagence, beim CEDIES, op der Uni.lu, beim CPOS, der BNL, der Maison de l'orientation (ADEM), dem PIJ Esch, CIJ an natierlech och beim Comité vun der ACEL an online als PDF (www.acel.lu).

Fir weider Froen, kanns du dech awer och per Email, bei der ACEL (contact@acel.lu) mellen.

ACEL Comité

FNR DOKTORANDEN INTERVIEW

Kurzportrait

Magdalena Pisa hat an den Universitäten Maastricht und Luxemburg promoviert, finanziert durch ein AFR-PhD-Stipendium des Fonds National de la Recherche (FNR).
Im Anschluss hat sie an der Cornell University gearbeitet. Seit September 2015 ist die Wirtschaftswissenschaftlerin Juniorprofessorin an der »WHU - Otto Beisheim School of Management« mit Sitz in Düsseldorf und Vallendar.
Schwerpunkte ihrer Forschung sind Bankwesen und Risikomanagement.

Der Kampf der kleinen Unternehmen ums Geld: Wirtschaftswissenschaftlerin Magdalena Pisa im Interview

Kredite sind für kleine und mittelgroße Unternehmen (KMU) nicht leicht zu bekommen. Warum werden sie systematisch benachteiligt?

Frau Pisa, Sie erforschen die Kreditvergabe an kleine und mittelgroße Unternehmen. Warum gerade an diese?

Diese Unternehmen sind sehr wichtig für unsere Wirtschaft. In Europa arbeiten zwischen 53 und 86 Prozent aller Arbeitnehmer für solche Unternehmen, deswegen sollte die KMU gefördert werden und Kredite somit einfacher erhältlich sein.

Jedoch ist es genau das Gegenteil, da es im Vergleich zu größeren Unternehmen deutlich schwieriger ist, Kredite gewährt zu bekommen.

Wie kommt das?

Für Banken ist es deutlich schwieriger, das Ausfallrisiko für Kredite an kleine Unternehmen einzuschätzen und die korrekten finanziellen Rücklagen zurückzustellen. Bei großen Unternehmen können Banken etwa auf Finanz- und Marktberichte, sowie Preise zurückgreifen – all das gibt es bei kleinen Unternehmen nicht.

Um das Ausfallrisiko zu mindern, könnten die Banken doch in Form von Eigenkapital große Rücklagen bilden…

So einfach ist dies nicht, denn dies verursacht für die Banken auch höhere Kosten, die letztlich wieder die Kredite für kleine Unternehmen teurer machen.

Wichtig ist es vor allem, Informationsdefizite über kleine und mittelgroße Unternehmen zu beheben. Hier kann die Forschung helfen.

Inwiefern?

Als Wirtschaftswissenschaftlerin entwickle ich zum Beispiel Werkzeuge und Modelle, mit denen die Kreditvergabe an diese Unternehmen transparenter wird und Ausfallrisiken berechenbarer werden.

Hierdurch sollte es Banken letztlich leichter fallen, Kredite an diese Unternehmen zu vergeben.

Wie funktioniert das?

Ich untersuche hierfür Wechselbeziehungen zwischen Herstellern und Abnehmern von Produkten. Kommt es zu einer Krise und den damit verbundenen Ausfällen von Unternehmen, lassen sich Abhängigkeiten herausfinden und die tatsächlichen Ausfallrisiken von Krediten an kleine Unternehmen lassen sich besser eingrenzen.

Können Sie aus Ihrer Arbeit auch Empfehlungen an die Politik ableiten?

Ja. Denn meine Untersuchungen zeigen, dass die Risiken kleiner Unternehmen geringer sind, als die großer Firmen. Die Kapitalanforderungen gegenüber kleineren Unternehmen sind aber nicht dementsprechend niedriger. Hier müssten die Regulierungsbehörden auf jeden Fall nachjustieren.

Tim Haarmann, Foto: © Magdalena Pisa

FNR.lu

The FNR is the main funder of research activities in Luxembourg. We invest public funds and private donations into research projects in various branches of science and the humanities, with an emphasis on selected core strategic areas. Furthermore, we support and coordinate activities to strengthen the link between science and society and to raise awareness for research. We aim to establish Luxembourg as a leading knowledge-based society through science, research and innovation.

Luxembourg National Research Fund

Key figures:
FNR Annual Report 2015



E NEIE CERCLE GOUF GEGRËNNT: DEN LSNL

Den LSNL gehéiert zu de jéngste Studentencerclë vun der ACEL.
Gegrënnt hu mer eis Enn Dezember 2015 a säit dem Juli 2016 si mer offiziell eng ASBL.
Ëmmer méi Lëtzebuerger Studenten entscheeden sech dozou, an Holland studéieren ze goen, virun allem Amsterdam, Rotterdam, Maastricht oder Utrecht si ganz beléift.
Holland huet vill ze bidde wat Studium a Studenteliewen ugeet. Trotzdeem gouf et laang kee Cercle méi an Holland, mee op Ufro vun der ACEL, hunn sech Enn Dezember 2015 puer interesséiert Leit zesummefonntm fir en neie Cercle ze grënnen. De Comité huet sech virdru guer net kannt a setzt sech aus engem gemëschten Trupp zesummen: aus verschiddene Stied an ënnerschiddleche Studiegäng. Mir hunn awer all ee gemeinsamt
Zil, an dat ass déi aktuell an zukünfteg Lëtzebuerger Studenten an Holland ze vernetzen an hinnen eng Ulafstell ze ginn, fir Froen ze stellen an Informatiounen ze kréien. Iwwert Facebook hu mer probéiert, Opmierksamkeet ze kréien an eisen neie Cercle bei Studenten an Holland bekannt ze maachen. Dëst huet och ganz gutt funktionéiert an eis Grupp „LSNL - Lëtzebuerger Studenten an Holland“ an „LSNL Carpooling“ hate ganz séier vill Memberen. Eis éischt Aktivitéit war am Mee zu Maastricht. Mir hunn e gemittlechen Nomëtten an engem Café zu Maastricht verbruecht, de Comité gouf virgestallt a gewielt, a mir hunn en Patt ausginn. Besonnesch gefreet hu mer eis iwwer d'Aluedung vun der Lëtzebuergescher Ambassade fir de Lëtzebuerger Nationalfeierdag zu Maastricht an zu Den Haag. Puer Comitésmemberen an eis éischt Membere waren op deenen zwou Veranstaltunge vertrueden.
Eng ganz flott Méiglechkeet fir sech net nëmmen ënnertenee kennenzeléieren, mee och aner Lëtzebuerger ze treffen, déi an Holland wunnen a schaffen oder studéieren, a mat engem Glieschen op Nationalfeierdag unzestousse. Dës Traditioun wëlle mer gäre bäibehalen an hoffen nächst Joer an engem gréissere Grupp op déi zwou Veranstaltunge goen ze kënnen, a plangen och dorauser e méi grousst Event fir eis Memberen ze maachen. Den LSNL war natierlech och um Studentebal 2016 vertrueden, eng Méiglechkeet fir eisen neie Cercle méi bekannt ze maachen a Suen an eis Kees ze kréien. Zesumme mam elSIC a mam SLSB hate mir e Stand an hunn eisen “Oranje Koening” Shot verkaf. De Comité huet sech immens gefreet iwwert den Interessi an d'Motivatioun vun eisen neie Membere fir um Owend selwer um Stand ze hëllefen. De Studentebal wäert mat Sécherheet och d'nächst Joer erëm bei eis um Programm stoen!

Fir d'éischte Kéier si mir och op der Studentefoire 2016 vertrueden a wäerte present sinn, fir all méiglech Froe vu Schüler ze beäntwerten an hinnen Informatiounen iwwert verschidden Unien an Holland ze ginn. Well dëst Joer virun allem organisatoresch Saachen um Programm stoungen an de Comité sech och mol als éischt kenneléiere misst, hu mer net méi Events organiséiert. Dëst probéiere mer awer am nächste Joer ze änneren. Mir wëlle verschidde kleng Events oder organiséieren, gemittlech Owender woubäi eis wichteg ass, dass mer d'Stied wiesselen, fir jiddereengem eng Chance ze ginn deelzehuelen.
Et wäert wahrscheinlech sou sinn, dass mer mol an der Géigend Amsterdam/ Rotterdam, mol zu Maastricht eppes organiséieren.
Geplangt ass och en gréissert Event (evtl. fir King's Day), wou mer dann och kucken, Schlofplazen zu Amsterdam a Rotterdam ze organiséieren, sou dass jiddereen ouni Problemer ka matmaachen, egal wou en studéiert.
Grondsätzlech setzt den LSNL sech d'Zil, d'Liewe vun de Studenten, déi sech fir Holland als Studiumsplaz decidéieren, méi einfach ze maachen.
Dozou gehéiert niewent der Hëllef bei der Auswiel vun der Uni an der Stad, sief et d'Erasmus Universitéit zu Rotterdam oder d'Vrije Universiteit zu Amsterdam, och Hëllef mat alldeegleche Saachen, op déi een als Student an Holland oppasse muss. Et schwätzen hautdesdaags enorm vill Grënn fir e Studium an Holland. Zum enge wieren do déi enorm héich Studiegebühren déi een op engleschen /amerikaneschen Unie bezuele muss. An Holland ginn d' Unie vum Staat subventionéiert, soudatt ee säi Studium hei zu engem gudde Präis ofhale kann (ca. 2000€ fir e Masterstudium). Zum anere sinn d'hollännesch Unie relativ gutt quotéiert a verschiddene Rankings, a vill Studiegäng ginn op Englesch offréiert, wat engem fir säi spéidere Beruffswee vu groussem Virdeel ka sinn. Speziell an engem multilingualen Ëmfeld wéi Lëtzebuerg muss een oft op Englesch zréckgräifen an d'Reputatioun vun der Uni spillt dacks eng Roll. Duerch e Studium an Holland brauch een sech do manner Suergen ze maachen. Wat awer genau oder méi wichteg ass, ass datt d'hollännesch Studenten (aus der Perspektiv Rotterdam) enorm ambitionéiert an als “sharing community” eriwwerkommen, sou datt een dann an engem Léierëmfeld ass, wou ee vun den Iddie vun anere profitéieren a bäiléiere kann. Zu gudder Lescht sinn awer Stied wéi Amsterdam, Rotterdam, Maastricht a Konsorten, och Stied, wou sech eppes deet, wou d'Autoritéite sech d'Méi ginn, hiren Awunner eng gutt Liewensqualitéit ze bidden, sief et duerch Events, Hëllefen oder hir gutt Organisatioun. Et schwätzen also relativ vill Grënn fir e Studium an Holland, an den LSNL huet sech zu Häerz geholl, déi Leit, déi dëse Choix treffen, sou gutt e kann op hirem Wee ze begleeden.

LSNL Comité

WAT ASS ENG INTERCERCLE?

D'Route du Vin zu Stroossbuerg, den Ebbelwai-Express zu Frankfurt oder d'Sau-Fest zu Wien. Dëst si just e puer vun deene villen Intercerclen, déi organiséiert ginn.

Mee wat genau ass sou eng Intercercle ?
Heibäi handelt et sech ëm en Event, eng Soirée oder e Weekend, dee vun engem Membercercle vun der ACEL organiséiert gëtt. Heibäi ass d'Zil allerdéngs net nëmmen, Leit aus der eegener Stad op d'Event ze kréien, mee och aus anere Stied. D'Haaptiddi läit heibäi, dass Studenten aus all Eck vun der Welt zesumme kommen, fir Zäit mateneen ze verbréngen.

Wat huet d'ACEL mat den Intercerclen ze dinn ?
D'ACEL fërdert dat Ganzt mat Subsiden, fir Cerclen ze motivéieren och weiderhin Intercerclen ze organiséieren. Deen ausbezuelte Betrag setzt sech dann och allerdéngs op verschiddene Facteuren déi berücksichtegt ginn zesummen: Jee no Organisatiounsopwand steigt déi Zomm, an de Cercle gëtt belount. Bei dëse Facteure spillen d'Dauer vun der Intercercle, d'Organiséiere vu Schlofplazen an natierlech d'Unzuel u Leit déi deelhuelen eng grouss Roll.

Wei gesäit sou eng Intercercle aus ?
Bei deene verschiddenen Eventer handelt et sech meeschtens ëm komplett verschidden Themen. Ganz beléift si sportlech Aktivitéiten. Ganz traditionell hu mer hei de Beachvolleyballturnéier organiséiert vum LSK (Kaiserslautern). Dëst Joer waren insgesamt 30 verschidden Équipen aus 16 verschidde Cerclen ugemellt. Eng ronn 160 bis 170 Leit hu sech bei Wand, Reen a Sonn de ganzen Dag iwwer gutt ameséiert an natierlech Beachvolleyball gespillt.

Nodeems d'Final gespillt war an de Gewënner vereedegt, goung et an eng Hütt an der Ëmgéigend, wou gegrillt, gesongen an gefeiert gouf bis an de fréie Moien.

Eng weider sportlech Intercercle déi organiséiert gouf, ass déi vun der Alesontia zu Bonn. Scho fir d'zweete Kéier organiséiere si hir Bonn(e)ympiade, wou et an engem Fräizäitpark zu Bonn dorëms geet, an deenen verschiddenen, net grad olympeschen, Sportaarten, sech ze beweisen a géint déi aner Leit déi deelhuelen ze gewannen.

Donieft ginn et och nach Rallyen an de Stied. Hei ass virun allem d'Intercercle vum AVL beléift. D'Oochener Studenten organiséieren traditionell am November e Rallye duerch verschidde Caféen. Dobäi ginn eenzel Gruppen an déi verschidde Caféen, wou flott Spiller op si waarden. Ënnerwee ginn et dann nach Froebéi iwwert all méiglech Saachen ze beäntweren. Zum Schluss gëtt an engem Café zesumme gefeiert a gedronk, an natierlech gëtt och de Gewënner ermëttelt.

Den Niklosrallye organiséieren déi Stroossbuerger, wéi den Numm et schonns seet op Niklosdag.

Hei ginn déi verschidden Équipë mat Glühwäin iwwert de Chrëschtmaart gescheckt. Owes gëtt da mat Béier an Tarte flambée à volonté gefeiert.

Nieft dem Niklosrallye gëtt et och nach d'Intercercle Route du Vin zu Stroossbuerg. Hei geet et moies fréi lass a Richtung Wäibierger, wou et a verschiddene Kellereie Wäin ze schmaachen gëtt. Do derniewent kritt een awer och d'Kellereie gewisen an Informatiounen doriwwer, wéi ee Wäin mécht. Ganz traditionell organiséiert den LSRM den Ebbelwoi-Express zu Frankfurt. Hei geet et mat enger nostalgescher Tram duerch Frankfurt.

Bei den Intercerclë ginn et net nëmmen Events iwwert een Dag, mee och iwwert puer Deeg oder e ganzen Weekend. Hei ginn et zwou grouss Intercerclen. Déi éischt ass d'Oktoberfest, organiséiert vun de Münchener Studenten. Aus deene verschiddenen Unisstied si Lëtzebuerger Studenten ugereest. Owes ass et dunn an den Löwenbräukeller gaangen, wou gesongen, gedronk an giess gouf. Dat huet sech och net all ze laang gezunn, well deen Dag drop ass et op d'Wiesn gaangen, wou den Dag am Hacker Festzelt verbruecht gouf. Déi ganz Haart hunn sech owes dann nach am Münchener Nuetsliewen ameséiert. Dee leschten Dag ass den LSM-Comité da mat den Intercercles-leit nach d'Nymphenburger Schlass kucke gaangen.
Déi zweet Intercercle, déi iwwert e puer Deeg organiséiert gouf, ass d'Sau-Fest vun de Wiener Studenten.

Dat Ganzt war de Päischtweekend an huet deen éischten Dag mat enger Soirée am Café Brickmackers ugefangen. Den Dag drop stoung dann dat bei den Wiener Studenten traditionellt Sau-Fest um Programm, wou Leit sech op der Donauinsel getraff hunn, fir de ganzen Dag do ze verbréngen.

Eng Sau ass gegrillt ginn, Flunky Ball gespillt an d'Leit hunn sech bis an d'Owesstonnen gutt ameséiert. Dee leschten Dag ass et owes nach an den typesche wienereschen Restaurant Salmbräu gaangen, wou nach eng flott Soirée verbruecht gouf. Intercerclë si fir d'ACEL immens wichteg, well sou den Zesummenhalt tëschent de Cerclen erhale bleift.

Dofir ginn et och Subsiden fir de Cerclë weiderhin dëst ze erméiglechen.

Mir soen alle Cerclë Merci fir hir Organisatioun an och fir d'Deelhuelen un den Intercerclen, sou dass se och weiderhi kënne bestoe bleiwen.

ACEL Comité

AIDE FINANCIERE

Nobesserunge vum Gesetz vun der Aide financière

Nodeems d'Gesetz fir d'Aide financière de l'Etat pour études supérieures den 24. Juli 2014 huet misste geännert ginn, an et am Virfeld wéi och dono vill Diskussioune iwwert d'Héicht vu Montanten an déi genau Zesummesetzung vun der Bourse komm ass, war fir all Bedeelegt kloer, dass e Suivi misst gemaach a wahrscheinlech och Upassungen missten virgeholl ginn. Iwwert den Abrëll 2015 huet d'TNS Ilres am Optrag vum Ministère eng Ëmfro zu de Liewenskäschten an de verfügbare Sue vun de Studente gemaach. Dës Zuele goufen den 29. Abrëll 2015 virgestallt an net weider kommentéiert oder analyséiert.

Et war dunn un den eenzelen Associatiounen, hir Analyse ze maachen.

D'ACEL war dobäi déi eenzeg Associatioun, déi een Avis geschriwwen huet an deen den 10. September 2015 op enger Pressekonferenz virgestallt gouf. Fir d'ACEL war kloer, dass Montante vun der Bourse missten ugepasst ginn.

Sou war eng vun de Fuerderungen, dass d'Bourse Sociale misst gehéicht ginn sou wei och d'Bourse Familiale. Mat deenen zwou Haaptfuerderungen ass d'ACEL dunn den Oktober an November iwwer an d'Verhandlungen mat dem Ministère gaangen.

An dëse Verhandlungen huet sech relativ schnell Widderstand géint eng Opbesserung vun der Bourse Familiale gewisen. Well sech bei der Auswäertung vun der Ëmfro awer gewisen huet, dass vill Studente finanziell Enkpäss hunn, ass d'ACEL op de Wee gaangen, fir d'Bourse Sociale wei och d'Bourse de Mobilité ze erhéijen.

Dës Ännerung vun de Revendicatioune war den 14. November 2015 mat de Cerclen um „ACEL meets Cercle" beschwat ginn an ass och sou vun de Memberen ënnerstëtzt ginn.
Nom „ACEL meets Cercle", deen d'Pist fir d'Verhandlung kloer gesat huet, waren et déi weider Woche bis zur Pressekonferenz vum 3. Dezember 2015, déi genotzt gi sinn, fir déi genau Montante wei och Detailer ofzeklären. Mat dem Ënnerschreiwe vun der Déclaration d'Intentention zwëschent dem Ministère an der Persoun vum Här Marc Hansen, an dem deemolege President vun der ACEL Clifton Cano, war ee wichtege Schrëtt a Richtung vun enger Erhéijung geholl. Op der Pressekonferenz vum 3. Dezember sinn dunn Detailer genannt ginn, wei d'Adaptatioune sollen ausgesinn.

Déi folgend zwou Veränneerunge konnten presentéiert ginn: (Kukt d'Tabell Bourse Sociale & Bourse de Mobilité)
Weider Ännerunge, déi mat dem neie Gesetz komm sinn, sinn eng Vereinfachung wat d'Dokumenter ugeet, déi ee muss matschécke, eng Verlängerung vun der Bourse fir Studenten, déi en Handicap hunn an d'Boursë sinn un den Index gebonne ginn. Des Weideren ass et weiderhi fir Studente méiglech, de Montant, deen een net als Bourse Sociale kritt, als Prêt ze huelen, mat engem maximale Taux vun 2%. No der Pressekonferenz wou een Eckpunkte vun der Reform presentéiert huet, sollt et bis den 23. Mäerz daueren, bis den Projet de loi deposéiert gouf an nach eng Kéier bis den 13. Juni, bis all d'Avise do waren an d'Kommissioun e Rapporteur fir d'Gesetz genannt huet.
Duerch dat neit Gesetz, wat den 30. Juni 2016 gestëmmt gouf, kënnen all Studente vun der Erhéijung an de vereinfachte Prozedure profitéieren.
D'Bourse kann ee säit dem 1. August ufroen an nach bis den 30. November.

Mat dem «How To Studiebäihëllef», deen een op acel.lu fënnt, ass op einfach Aart a Weis erkläert, wéi ee seng Bourse ufroe kann, sief et iwwert guichet.lu oder per Post.

ACEL Comité

© MESR

Bourse Sociale		
X = besteiert Akommes	**Montant Gesetz 2014 (€)**	**Montant Gesetz 2016 (€)**
X < 1 SSM	3000	3800
1 SSM < X < 1,5 SSM	2600	3200
1,5 SSM < X 2 SSM	2200	2650
2 SSM < X < 2,5 SSM	1800	2150
2,5 SSM < X < 3 SSM	1400	1650
3 SSM < X < 3,5 SSM	1000	1150
3,5 SSM < X < 4,5 SSM	500	550

SSM = Salaire social minimum

Bourse de Mobilité	
Montant Gesetz 2014	**Montant Gesetz 2016**
2000€	2450€

CHAMBRE DES ETUDIANTS

E politeschen Dossier, deen d'ACEL nach méi laang wäert beschäftegen, ass dee vun der „Chambre des Etudiants". Fir d'ACEL bleift et wichteg, dass d'Studenten eng gewielte Vertriedung kréien, déi d'Representatioun vun den Studente ka wouerhuelen.

D'Iddi heizou ass schonn 2014 op der REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) zu München mat dem Här Minister Claude Meisch beschwat ginn. D'Kreatioun vun enger gewieltener Studentevertriedung ass am Kontext vun de Verhandlungen zur Aide financière 2014 opkomm, wou et weder fir de Ministère nach fir Aussestehende ersiichtlech war, wien d'Verhandlunge féiere kann an wie wierklech am Numm vun den Studente schwätzt.

An de leschte Méint huet d'ACEL zesumme mat senge Cerclë Proposen ausgeschafft, wéi déi Studentevertriedung kann ausgesinn. D'Iwwerleeung vun der ACEL ass, dass sech Associatiounen, déi als Haaptzil d'Vertriedung vu Studenten hunn, sech zur Wahl stellen. Et soll also kee Persounewahlkampf ginn. Mat enger Gréisst vun 8 Membere wär dës Chambre an den Ae vun der ACEL och grouss genuch, fir déi Aufgaben ze iwwerhuelen, déi op se zoukomme géif. Déi nei geschafe Struktur soll sech ëm déi Gesetzer këmmeren, déi Studenten direkt betreffen an en Impakt op si hunn. Schonn am Viraus soll dëst Organ mat an Diskussiounen agebonne ginn an kann un den Gesetzer matschaffen. Dëst soll evitéieren, dass wéi 2014 bei der Reform zur Aide financière, d'Studenten ze spéit an och net a vollem Ëmfang konnte matschaffen. Weider Detailer, wéi e Budget, Gebailechkeeten an e Sekretariat missten dem Aarbechtsopwand, deen op dës nei Chambre géif zoukommen, natierlech ugepasst ginn.

Mee firwat ass et iwwerhaapt wichteg, sou eng Representatioun fir Studenten ze schaffe hunn? Als Virbild déngen hei déi zu Lëtzebuerg scho bestoend Chambre professionnelle, duerch hir Méiglechkeet bei Gesetzer matzeschaffen an Avisen ofzeginn, hunn si Matsproocherecht wat nei Gesetzer ugeet an kënnen hei scho fréi am politesche Prozess mat agräifen. Doduerch dass eng Chambre professionelle duerch e Gesetz legitiméiert ass, ass eng gewësse Kontinuitéit garantéiert souwéi d'Fonctionnement vun dëse Chambere, dat gesetzlech geregelt ass. Mat haut ronn 18.000 Studenten déi zu Lëtzebuerg liewen an duerch d'ganz Welt studéieren, ass et wichteg, dëse Studenten eng Representatioun déi der Wichtegkeet vun deene jonke Leit Rechnung dréit an sech fir hir Rechter kann asetzen, ze ginn.

Déi zu Lëtzebuerg haut schonn existéierend Chambre professionnelle huet duerch hiert Matschaffen u Gesetzer an duerch hir Avisen e grousse Bäitrag geleescht a leescht deen nach ëmmer. An deem Kontext mécht d'ACEL och drop opmierksam, dass duerch de Changement um lëtzebuergeschen Aarbechtsmarché ëmmer méi Leit mat Héichschoulofschloss gesicht ginn. Hei ass et wichteg, dass Studenten hir Plaz vis-à-vis vu Politik an wirtschaftlechen Acteure kréien.

Dass sou eppes Komplexes wéi den Opbau vun enger gewielter Studentevertriedung net vun haut op muer geet, ass all de betraffenen Acteure bewosst, och dowéinst wäert dëse Projet nach laang daueren an vill Iddie wäerten opgeworf ginn. Fir d'ACEL ass et wichteg, dass een sech hei Zäit léisst, an dëse Projet mat gréisster Suergfalt ugeet. Dofir gëtt sech och bei all weiderer Etapp mat senge Membere consultéiert. Dass eng Chambre des Etudiants en ambitiéise Projet ass, ass sécherlech richteg. Mee nëmmen duerch eng Weiderentwécklung vun der aktueller Vertriedung vun de Studente wäert et och fir zukünfteg Studente méiglech sinn, adequat vertrueden ze sinn.

Acel Comité

Tout est compris : vous devez juste vous occuper du plein >>

- ✓ Sans acompte
- ✓ Loyer financier
- ✓ Taxe de mise en circulation, taxe de circulation et TVA
- ✓ Entretien et réparation mécaniques
- ✓ Pneus hiver
- ✓ Assurance RC et Omnium
- ✓ Pas de surprises financières en fin de parcours

smart center Luxembourg
45 rue de Bouillon, 1248 Luxembourg, Tél. (+352) 49 09 66 1, www.smartcenter.lu

smart – une marque de Daimler

HOW TO STUDIEBÄIHELLEF

Wat hunn ech zegutt? (pro Joer)

Basis Bourse: 2000€
Kritt all Student.

Mobilitéitsbourse: 2450€
Kritt all Student , deen net a sengem „pays de résidence“ studéiert an do Loyer bezilt.

Sozialbourse: 3800€
Jee nodeem wéi héich de Revenu Imposable ass, vun deem Stot an deem een ugemellt ass, kann ee bis zu 3800€ kréien.

Famillebourse: 500€
Kritt all Student ,dee Geschwëster huet déi och studéiere ginn, och eng Bourse kréien an am selwechte Stot wunnen.

Studiegebühren: 3700€
D'Aschreiwungs- a Studiekäschte vun 100€ bis zu max. 3700€ ginn zu jee 50% op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt.

Prêt: 6500€ – 10300€
6500€ Kritt all Student. Déi Studenten déi net déi ganz Sozial Bourse kréien, kënnen dës Differenz als Prêt ufroen.

Härtefallregelung: 1000€
Sollt een sech an enger „situation grave et exceptionnelle“ befannen oder vun aussergewéinlechen Ausgabe konfrontéiert ginn, kann een eng zousätzlech finanziell Hëllef vu 500€ Bourse a 500€ Prêt kréien.

Wei froen ech meng Bourse un?

Entweder Online oder per Post.

Online:
Fir är Bourse online unzefroen, braucht dir ee LuxTrust Certificat (Token, Signing Stick, Smartcard oder déi nei Carte d'identité).

Wéi maachen ech meng Online Demande?

1. myguichet.lu
2. aloggen (oder neie Login maachen, wann dir nach keen hutt)
3. „Wählen sie einen Vorgang aus“ / “Sélectionnez une démarche“
4. Ausbildung / Education
5. CEDIES: 1 – Demande principale d'aide financière de l'Etat pour études supérieures
   Ausfëllen, Dokumenter eroplueden, fortschécken.

Per Post:

1. http://bit.ly/1HzBEze
2. Formulaires / Services en ligne
3. Lued d'Dokument an där Sprooch erof, an där s du wëlls
4. Ausfëllen & Dokumenter dobäi leen
5. Schéck de Formular u folgend Adress:

CEDIES
18-20 Montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg

ACEL Comité

WEI GUDD KENNS DU D'CERCLEN AN D'ACEL?

Test däi Wëssen! Opgepasst! Déi 3 éischt déi sech op der Foire um ACEL's Stand mat deem richtege Léisungswuert (inkl. komplett ausgefëlltem Rätsel) melle kréien e Kaddo!

ä = a
ö = o
ü = u

1 Wou hat d'ACEL dëst Joer hier Klausurtagung?

2 Fir wat steet den «A» bei Jonk BAD?

3 Aus wat fir engem Land kënnt eisen neiste Cercle?

4 Wou fënnt all Joer de Niklosrallye statt? (Stad)

5 elSIC ass de Cercle vun de …-Studenten?

6 Wéie Cercle huet dëst Joer hiren 35. Jubiläum gefeiert? (Stad)

7 Ween ass de Gesamtsieger vum Tournoi de Noël 2015? (Stad)

8 Wat war dem Här Schneider säi Liiblingsthema op der REEL?

9 Ween huet déi alleréischt Studentefoire organiséiert?

10 Wou war de Summercup dëst Joer?

11 Wéie Cercle Huet dëst Joer 20 Joer gefeiert? (Cercle)

12 A wat fir enger Zeitung war d'REEL 2016 op der Titelsäit?

13 De Summercup huet wéie Cercle gewonnen? (Stad)

14 Wee krut d'läscht Joer op der REEL vum Charel d'Ouerläppche getriwwelt? (Numm)

15 Wéie Cercle huet eng Gondel am Logo? (Stad)

16 Wee war inoffiziell d'Miss REEL 2016 (Virnumm)?

17 Wei heescht d'Intercercle wou déi Schwäizer Cerclë géintenee Fussball, Basket a Volleyball spillen?

18 Ween huet den Här Schneider op der REEL am Bus ugeruff? (Virnumm)

19 Ween ass deen eelste Comité Member vun der ACEL?

20 Wéie Cercle huet dëst Joer een «30. Jubiläum» gefeiert? (Stad)



IMPRESSUM

facebook.com/AcelLuxembourg

Editeur
Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL)
B.P. 63
L-7201 Bereldange
Tél.: (+352) 691 42 05 39
www.acel.lu | contact@acel.lu

Oplag
70000 Exemplairen

Koordinatioun
Pol Lutgen

Redaktioun
ACELs Comité, CEDIES, Jonk Bad, LSK, LSM, REEL Comité, LSNL, FNR
Fir Form an Inhalt vun den Artikele sinn eleng d'Auteure verantwortlech.
D'ACEL seet all de Leit déi un dëser Editioun matgeschafft hunn e grousse Merci!

Layout
Anni Piticco

Publicitéit
Saint-Paul Luxembourg S.A.



LIDDERBUCH

Bis haut sangen d'Studenten déi traditionell Lidder. 86 dovu goufen zu engem Lidderbuch zesummegestallt. Dëst gëtt et elo och als App fir däin iPhone.

ACEL

axxess UNIF
100 % JEUNE. 100 % VOUS.

SPUERKEESS